Groupe parlementaire

Depot: Tom Weidig

HA – Fonds de compensation

Lëtzebuerg, de 27. Juni 2024

1

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- de Kompensatiounsfong bei der Definitioun vu sengen Investitiounen enger Rei Restriktiounen ënnerworf ass, déi net nëmmen op d'Reegele vun engem rationale Management vum Risiko-Renditt-Verhältnis zeréckzeféiere sinn, mee och op ESG-Krittären;
- zu dësen Ausschlosskrittären, esou wéi se ënnert dem Punkt 2.2.1. f) vun der Direktiv vum Verwaltungsrot vum Kompensatiounsfong festgeluecht sinn, och "*les sociétés impliquées dans des activités liées aux armes controversées, dont notamment les mines antipersonnel, les bombes à sous-munitions, les armes nucléaires, les armes à l'uranium appauvri, les armes au phosphore blanc ainsi que les armes chimiques et biologiques*" gehéieren;
- de Kompensatiounsfong de facto iwwerhaapt net an d'Rüstungsindustrie investéiert a souguer Airbus wéinst sengen Engagementer an der Verdeedegungspolitik op der Exklusiounslëscht gefouert gëtt (Stand 20.06.2024);

ass sech bewosst, datt:

- d'Regierung wärend de leschten zwee Joer vill Suen ausginn huet, fir d'Ukrain bei hirer Verdeedegung géint Russland militäresch ze ënnerstëtzen;
- d'Suen am Sënn vum Paragraph virdru virun allem an d'Ausland an ausserhalb vun der EU gefloss sinn, well Lëtzebuerg iwwer keng national Rüstungsproduktioun verfüügt, an och net indirekt zeréckgefloss sinn, well de Staat keng Participatioun an der Rüstungsindustrie hält;
- d'Regierung vun 2030 un alljoers zwee Prozent vum Bruttonationalakommes fir d'Verdeedegung wëll ausginn an duerfir Méiglechkeete gebraucht ginn, datt dës Suen eiser Ekonomie zeguttkommen;
- Lëtzebuerg net op där enger Säit d'Produktioun an de Kaf vu Waffen an anere Rüstungsgidder op EU-Niveau ënnerstëtze kann, mee op där anerer Säit dës Entreprisen op eng Exklusiounslëscht setze kann;

fuerdert d'Regierung op,

- dem Kompensatiounsfong d'Investitioun a sämtlech Waffentyppen a Rüstungsentreprisen ze erlaben, souwäit dës Waffentyppe produzéieren, déi konform si mat den internationale Konventiounen, déi Lëtzebuerg mat ënnerschriwwen huet.

Weidig

Tom Weidig